



Mir hunn äänlech Problemer an anere Matière. Zum Beispill ass et virkomm, datt d'CSSF freet: „Firwat maacht Der déi dote Struktur zu Lëtzebuerg?“ Ma ech maachen déi Struktur zu Lëtzebuerg, well ech déi wëll maachen! Ech denken net, datt d'Motivatioun iergendeng Roll därëf spillen, dee Moment wou objektiv Kritären erfëllt sinn. An dat muss een hei onbedéngt festhalen.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.**- Merci dem Här Reding. Dann den Här Wagner.

► **M. David Wagner (*déi Lénk*).**- Merci, Här President. Jo, et wäert lech net wonnere, mir wäerte géint dee Projet de loi stëmmen. Natierlech huet dat jo eppes mat der Aart a Weis ze dinn, wéi et ofgelaf ass. Mä dorobber kommen ech elo net méi zrëck. Eis geet et jo och ëm den Inhalt. An engersäits, also de Problem ass, datt déi Transpositioun u sech an der BEPS-Logik ass an och soll Rektifikatiounen bréngen. Mä anerersäits ass et jo och benotzt ginn, fir nei Nischen ze schafen, déi net hei konnte seriö diskutéiert ginn, wéi mat de Reedereien an esou weider.

A souguer iwwert d'Bonification d'impôt, wou mer soen, datt mer net prinzipiell, also fir Chômeuren, datt mer elo net soen, dat dierft guer net geschéien, mä ech mengen iwwerhaapt, deem dote Prinzip misst een eng Kéier och e bëssen erfuerschen, fir ze kucken, ob déi Effekter wierklech och ëmmer déi sinn, déi als Zilsetzung gëllen, well do weess een och, datt och an anere Länner heiansdo Abuse gemaach ginn. Ech wëll dat elo net ënnerstellen, mä ech mengen, dat muss een awer och betruechten.

Aus deene verschiddene Grënn wäerte mer dofir och dann dergéint stëmmen. Ech soen Iech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.**- Merci dem Här Wagner. D'Wuert huet elo den Här Finanzminister.

## Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.**- Jo, Merci, Här President. Fir d'Éischt géif ech gär der Rapportrice fir hire mëndlechen a schrëftleche Bericht Merci soen a mech freeën, dass mer déi Direktiv, déi en fait rezent ass - se datéiert, et sinn der zwou, déi eng vu Juli 2014, déi aner vu Januar 2015 -, dass mer déi zurzäit kënnen ëmsetzen.

Dës Direktiv weist erëm eng Kéier, wéi d'Accélération a Saache Steiere spillt, well dat hei ass eng Ëmsetzung, déi ganz rapid ass, par rapport zu den normalen Zäiten, déi ee soss huet, fir Direktiven ëmzesetzen.

Ech wëll ënnersträichen, dass mer déi Transpositioun hei de 5. August 2015 déposiert hunn. De 5. August hu mer en déposiert! An ech ënnersträichen domat, dass also et méiglech ass fir d'Chamberskommissionen, vun deem Moment un op deem Projet ze schaffen. Leider ass de Rapport vum Conseil d'État spët komm. Mä de 5. August hat d'Regierung dat deposiert.

Den Objet vun dëser Direktiv ass, fir eng Clause anti-abus an eiser Gesetzgebung virzegoen an eng Clause antihybride. De Conseil d'État huet recommandéiert, dass mer eis sollen op déi existéierend Clausen, déi scho bestinn an eise Gesetz, baséieren. Mir sinn also do dem Conseil d'État senger Recommandation nogaangen. Mir sinn nogaangen a mir wäerten awer ganz no monitoren an deenen nächste Méint, wéi déi ganz Diskussioun ronderëm déi heite Sujete wäert evoluéieren. Well, wéi den Deputéierte Fayot richteg ënnerstrach huet, si mer hei an der ganzer Problematik BEPS, „Base Erosion and Profit Shifting“, wou eng ganz Rëtsch Initiativen och wäerten an Zukunft kommen, fir dat alles ëmzesetzen. Dat kéint och Impakter hunn op d'Direktiv „mères-filiales“.

Ech wëll och ënnersträichen, dass - an dat ass nach net hei ënnerstrach ginn - doduerch, dass mer elo eng Règle antihybride an eist Gesetz kréien, dat en direkten Impakt dorobber huet, wéi een den Impôt sur la fortune bezilt. En Impôt sur la fortune zu Lëtzebuerg, deem hu mer jo scho ganz laang, deem ass och eng relativ Seltenheet international, mä déi Produits antihybrides hunn et erméiglecht, an der Vergaangenheet den Impôt sur la fortune ze reduzéieren oder ganz ze ëmgoen. An dat wäert de Mëtten an eiser Diskussioun och erëm opkommen. An dat erkläert zum groussen Deel, firwat dass do d'Regierung huet misse séier agéieren, well wa mer dat net gemaach hätten, dann hätte mer e risego Problem, well dann den Impôt sur la fortune voll ausschléit an net méi kann duerch Mesuren, déi haut net méi erlaabt sinn, reduzéiert ginn.

Ech soen dann nach e puer Wuert och zur Applikation vun der Bonification d'impôt pour investissement. Do wollte mer d'Inkohärenz, déi mer an eise Gesetz haten, dass eppes fir d'Fligere méiglech war - d'Bonification d'im-

pôt -, mä fir d'Schëffer net méiglech war, besäitegen a mir wollten déi Kohärenz hierstellen, well dat am Intérêt vun eiser Wirtschaft ass a vun deenen Akteuren, déi an deem Domän tätig sinn.

Mir hunn och eng Jurisprudenz vun der Cour de Justice, déi d'Intégration fiscale horizontale a verticale beträff huet, wëllen hei u Bord huelen. Mir wollten dat, wat „exit tax“ genannt gëtt, verbreedeen op all déi Länner, mat deene mer en Accord de non double imposition hunn oder en Accord fir Échange d'informations, wat jo dann och beweist, dass dat e Kritär ass, déi Konventioun, déi mer bilateral hunn, déi mer hei kënnen gutt uwenden.

A schlussendlech freeën ech mech, dass mer déi Bonification pour embauchage vu Chômeuren fir ee Joer weiderféieren. De Chômeur geet zwar zu Lëtzebuerg elo Gott sei Dank liicht erof, mä en ass nach ëmmer ze héich.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.**- Merci dem Finanzminister.

Da géife mer zum Vott iwwert de Projet de loi 6847 iwwergeen.

## Vote sur l'ensemble du projet de loi 6847 et dispense du second vote constitutionnel

De Vott ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséienlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer: 32 Jo-Stëmmen, 2 Nee-Stëmmen a 26 Abstentiounen.

Domat ass de Projet de loi 6847 ugehooll.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdig, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Serge Urbany et David Wagner.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Nancy Arendt), Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

## 9. Ordre du jour (suite)

Ech wollt d'Chamber elo froen, ob mer nach gegebenenfalls de Rapport sollten héiere vun deem nächsten...

(Interruptions)

Et hânt awer elo dovun of...

(Interruptions)

De Rapport, sidd Der do dermat d'accord, dass mer dee géifen héieren, an da géife mer d'Setzung ofschléissen an de Mëtte mat der Diskussioun weiderfuere? Ass d'Chamber domat d'accord?

(Assentiment)

Merci, Merci! Da géif ech d'Madamm Rapportrice bieden, de Rapport virzedroen, an d'Madamm Beissel bieden, mech fir e puer Momenter ze ersetzen.

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **Une voix.**- Dat ass net méiglech!

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.**- Ech muss bis an d'Neutralitéitskummer.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

► **Mme Simone Beissel, *Présidente de séance*.**- Sou, Dir Dammen an Dir Hären, ech ginn elo direkt dem Rapporteur Guy Arendt d'Wuert zu dem Projet de loi 6866. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

## 10. 6866 - Projet de loi relative aux mesures de résolution, d'assainissement et de liquidation des établissements de crédit et de certaines entreprises d'investissement ainsi qu'aux systèmes de garantie des dépôts et d'indemnisation des investisseurs, portant:

**1. transposition de la directive 2014/59/UE du Parlement européen et du Conseil du 15 mai 2014 établissant un cadre pour le redressement et la résolution des établissements de crédit et des entreprises d'investissement et modifiant la directive 82/891/CEE du Conseil ainsi que les directives du Parlement européen et du Conseil 2001/24/CE, 2002/47/CE, 2004/25/CE, 2005/56/CE, 2007/36/CE, 2011/35/UE, 2012/30/UE et 2013/36/UE et les règlements du Parlement européen et du Conseil (UE) n°1093/2010 et (UE) n°648/2012;**

**2. transposition de la directive 2014/49/UE du Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014 relative aux systèmes de garantie des dépôts;**

**3. modification:**

**a) de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier;**

**b) de la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier;**

**c) de la loi modifiée du 5 août 2005 sur les contrats de garantie financière portant: - transposition de la directive 2002/47/CE du Parlement européen et du Conseil du 6 juin 2002 concernant les contrats de garantie financière; - modification du Code de Commerce; - modification de la loi du 1<sup>er</sup> août 2001 concernant la circulation de titres et d'autres instruments fongibles; - modification de la loi du 5 avril 1993 relative au secteur financier; - modification du règlement grand-ducal du 18 décembre 1981 concernant les dépôts fongibles de métaux précieux et modifiant l'article 1<sup>er</sup> du règlement grand-ducal du 17 février 1971 concernant la circulation de valeurs mobilières; - abrogation de la loi du 21 décembre 1994 relative aux opérations de mise en pension; - abrogation de la loi du 1<sup>er</sup> août 2001 relative au transfert de propriété à titre de garantie;**

**d) de la loi du 19 mai 2006 portant transposition de la directive 2004/25/CE du Parlement européen et du Conseil du 21 avril 2004 concernant les offres publiques d'acquisition et**

**e) de la loi du 24 mai 2011 concernant l'exercice de certains droits des actionnaires aux assemblées générales de sociétés cotées**

**Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

► **M. Guy Arendt (*DP*), rapporteur.**- Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, op dëser Plaz muss ech e bësse méi wäit aushuelen, dat fir erklären ze kënnen, firwat mer haut e Gesetzesprojet virun eis leien hunn, bei deem déi sougenannten „Bank Recovery and Resolution Directive“, kuerz BRRD, an eist nationaalt Recht transposéiert gëtt. Mir wëssen et all a mir sollten dat och net esou schnell vergiessen: D'Finanzkris, déi 2007 ugefaangen huet, hir Kreesser ze dréien, war eng ganz komplex. Mä wa se eis eppes geléiert huet, dann ass et, dass se net nëmmen de Bankesecurateur mat an e Lach gerappt huet, mä och ganz vill Statsbudgeten! Jo, och eise Budget huet eng déck Schrëips ofkritt, wouropshi mer schnell hu misse agéieren.

Et geet also beim Finanzwiesen net nëmmen ëm privat Akteuren, et geet och ëm d'Bestoe vu Staten, vu gesellschaftleche Strukturen. D'Finanzkris huet ganz vill Banken an de Ruin gedriwwen. A fir ze verhënneren, dass de ganze System aneneebrécht, hunn d'Regierung misse agräifen, fir d'Lächer ze stoppen. Oft gëtt

dës Situatioun als „too big to fail“ beschriwwen, dat, well mer et eis einfach net leeschte kënnen, dass de Finanzsystem vun haut op muer a Schierbelen zerfällt. Verschidde Banke sinn einfach ze vill grouss a wichteg fir déi ganz Weltwirtschaft, fir dass mer se faillite goe loosse kéinten.

Den Term „bail-out“ weist ganz gutt, dass déi ëffentlech Hand huet misse asprangen, well d'Banken eng no där anerer ëmgefall sinn. Am Juni 2012 ass dofir op europäeschem Niveau décidéiert ginn, fir eng Union bancaire ze schafen, soudass souwuel d'Surveillance wéi och d'Resolutioun, also d'Opléisung vu Banken, zentraliséiert wier.

Ech ginn elo net op deen éischte Volet vun der Surveillance an, dat, well et haut ëm dat zweet Stéck am Puzzle geet, an zwar: Wat geschitt dann, wann eng Bank awer elo net méi iwwert d'Ronne komme sollt?

Genau dës Fro soll de sougenannten „mécanisme de résolution unique“ klären, soudass et koordinéiert Prozedure gëtt, fir d'Finanzinstituter opzeléisen, ouni dass d'Steiergelder derfir opkomme mussen. An dësem Mechanismus gëtt et zwee Elementer: e Conseil de résolution unique an e Fonds de résolution unique, zu deem ech am Laf vum Nomëtteg nach méi ausféierlech schwätze wäert, vu dass mer dozou och nach e Gesetzesprojet um Ordre du jour stoen hunn.

Vu dass déi Europäesch Zentralbank d'Surveillance mécht, mécht se och de Conseil drop opmierksam, wann eng Bank a Schwieregkeeten ass. Am Jargon nennt een dëst „gone concern“. De Conseil këmmert sech dann ëm d'Opléisung a kann op de Fong zrëckgräifen, deem no aacht Joer mat 55 Milliarden Euro dotéiert si wäert, an dat net vum Steuerzueler, mä vun de Banke selwer.

Vu dass de Conseil schonn ab dem 1. Januar 2016 operationell ass, muss mir och verschidden Dispositiounen an eise Recht upassen. Madamm Presidentin, esou vill zum Kontext.

An elo zu dem Projet de loi selwer, deem de Finanzminister den 3. September 2015 déposiert huet. D'Chambre de Commerce huet hiren Avis den 9. November eraginn, ier de Statsrot säin Avis den 10. Dezember ugehooll huet. De schrëftleche Rapport ass de 14. Dezember an der Finanz- a Budgetskommission guttgeheescht ginn.

De virleienden Text transposéiert zwou Direktiven: eng Kéier déi sougenannte BRRD an d'Direktiv zum Système de garantie des dépôts, kuerz DGSD, op déi d'europäesch Union bancaire opbaut. D'BRRD leet d'Kaderbestëmmunge vun enger kontrolléierter Opléisung vu Banken, déi a seriöe Schwieregkeeten sinn, fest, an d'DGSD protegéiert d'Uleer, dat heescht d'Déposanten; ech kommen do nach spéider am Detail op dësen Aspekt ze schwätzen.

Wann déi Europäesch Zentralbank also elo feststelle sollt, dass eng grouss Bank a Schwieregkeeten ass an dass hir Faillite en Impakt op de ganze Finanzsystem hätt, da gëtt d'Direktiv BRRD e Kader vir, wéi eng Opléisung vum Finanzinstitut oflaffe soll. Et gëtt véier Haaptmethoden, wéi esou eppes geschéie kann:

Déi éischt Method, dat einfachst Instrument ass, d'Bank ganz oder nëmmen Deeler dovunner, déi Schwieregkeeten hunn, un eng aner Bank ze verkafen. An dësem Fall schwätzt ee vun enger „cession des activités“.

Dat zweet Instrument ass, fir déi gesond Aktivitéite vun der Bank erauszuhuelen an an e sougenannten „établissement relais“ oder „bridge bank“ eriwwerzuhuelen a fir nëmmen déi problematesch Aktivitéiten, déi net essenziell sinn, opzeléisen.

Déi drëtt Method ass, fir déi toxesch Aktiven un eng aner Gestioung ofzeginn an eng sougenannten „bad bank“ ze schafen. Dëst Instrument ass 2009 mat der däitscher Hypo Real Estate ugewannt ginn, eng Bank, déi elo verstaatlecht ass.

Véiertens: Bei dësen Instrumenter geet et ëmmer drëm, déi defizitär Deeler vun der Bank iwwer extern Mëttele ofzeginn. Déi véiert Method vum Renflouement interne oder „bail-in“ mécht hirersäits Appell un d'Aktionären an d'Créanciere selwer, déi no engem bestëmmte Schema hir Aktie konvertéieren an hir Créancé reduzéiere mussen. Par rapport zum „bail-out“, wou no der Kris ëffentlech Gelder benotzt goufen, fir Banken ze retten, mussen hei Privatpersounen direkt fir d'Verhale vun der Bank haften.

Et ass wichteg, dass mer elo eng kloer Lëscht vun Instrumenter kréien a vu Regeln, wéi se





applizéiert kënnen ginn, well an der Kris hunn eis d'Evenementer esou iwwerrullt, dass kee méi richteg wosst, wéi ze reagéiere wier.

Madamm Presidentin, vu dass mir och an eise Land eng Autoritéit brauchen, déi d'Roll vun der Autorité de résolution iwwerhëlt, gesäit de Gesetzestext dofir d'CSSF vir. Dëst ass e logesche Choix, well si schonn d'Surveillance vun eise Bankesektor mécht, also och weess, wéi et ëm eis Banke steet.

Fir dass et awer net zu Interessenkonflikter tëschent dem Aarm vun der Surveillance an deem vun der Resolution vun der CSSF komme kann, gëtt en Organ à part opgestallt, dat Conseil de résolution heescht. Dësen huet souwuel en Directeur résolution wéi och e spezielle Budget, fir Leit ze rekrutéieren. Dësen Direkter ass keen Direktionsmember vun der CSSF, dierf awer bei de Reunione vun der Direktioun als Observateur dobäi sinn.

Deen neie Conseil de résolution setzt sech aus fënnf Leit zesummen: eben deem Directeur résolution, dem Direkter vum Tresor, dem Generaldirekter vun der Lëtzebuerger Zentralbank, engem Riichter, dee vun der Regierung genannt gëtt. (veuillez lire: an dem Direkter vun der CSFF.)

Nach e puer Wuert zu der Gouvernance vun dësem Organ, déi den Exigence vun der Direktiv entsprécht. Et ass awer drop verzicht ginn, en zousätzlechen Établissement public ze schafen, wat vill kascht hätt a verschidde Funktiounen doubléiert hätt. Ech mengen, hei ass eng pragmatesch an effikass Léisung fonnt ginn.

Niewent dëser Autoritéit gëtt awer och nach e Fonds de résolution Luxembourg, kuerz FRL, an d'Liewe geruff. D'Banken, déi ënnert d'Direktiv falen, müssen hei abezuelen. An ech hat virdru vum Fonds de résolution unique op europäeschem Niveau geschwat, deem no aacht Joer mat 55 Milliarden Euro dotéiert wier. Ab 2016 wäert eise Fonds de résolution en Deel

vun de Contributiounen missen un den FRU weiderreechen. Ech gi spéider de Mëtteg nach méi genau op dësen Aspekt vun der Europäescher Bankenunioun an.

Madamm Presidentin, dann zu der zweeter Direktiv, déi mer haut transposéieren, der DGSD, déi den Indemnisationssystem fir d'Déposanten iwwerschafft. Kuerz als Erklärung: Ech hat vum „bail-in“ geschwat, dovunner, dass d'Banke fir d'Eischt selwer bei sech kucken müssen, wou se Ressourcen hierkréien, wa se an Turbulenze gerode sinn. Et kann awer net sinn, dass den éierleche Spuerer säi ganz Verméige verléiert, wa seng Bank, ouni säi Wëssen, op de Finanzmarché spillt. Dofir muss derfir gesuergt ginn, dass d'Uleeër am Fall vun enger Bankeresolution indemniséiert ginn an esou e garantéierten Dépôt behalen.

Dëse Regimm gëtt elo moderniséiert. Hei geet et an éischter Linn drëms, fir e System, dee bis elo ex post finanziert gouf, also wou eréischt da Suen opgehewe gi sinn, wann eng Bank faillite gaangen ass, an e Regimm ëmzewandelen, deem ex ante finanziert ass, wou also schonn am Virus Suen opgehewe goufen, déi dann direkt disponibel sinn, wann eng Bank Problemer huet.

An dësem Sënn gëtt déi aktuell Association garantie des dépôts Luxembourg och ersat, an dat duerch de Fonds de garantie des dépôts Luxembourg, kuerz FGDL, en Établissement public, dee vun der CSSF getrennt ass. Si wäert e Patrimoine opbauen, dee genotzt ka ginn, fir Uleeër ze rembourser, wann eng Bank faillite geet, oder fir garantéiert Dépôts ze protégéieren, wann d'Bank opgeléist gëtt. Och hei wäert d'CSSF en neit Organ kréien: de Conseil de protection des déposants et des investisseurs.

An dëse Fong wäerten d'Banken, déi couvriert sinn, all Joers ex ante abezuelen. De Projet de loi gesäit vir, dass de Fong ab Enn 2018, dat heescht also no dräi Joer, voll dotéiert ass, dat mat 0,8% vun de garantéierten Dépôts. En

plus kënn nach een Niveau derbäi, deem innerhalb vun aacht Joer anzebezuelen ass. Dës Periode kann awer iwwer e Règlement grand-ducal ofgeännert ginn, dat, deemno wéi d'Konjunktur sech entwéckelt.

Am Ganzen heescht dat, dass no mindestens eelef Joer 1,6% vun den Dépôts, also eng 500 Milliounen, an deem Lëtzebuerger Fong zur Verfügung stoe wäerten. Dëst sollt duergoen, fir de Remboursement vun den Uleeër sécherstellen, am Fall, wou eng mëttelgrouss Bank an Turbulenze geréit.

Ouni elo ze vill an den Detail goen ze wëllen, wollt ech awer nach drop hiweisen, dass den Délai, fir Uleeër ze rembourser, elo vun 20 op 7 Deeg erofgesat gëtt. Mir hunn et gesinn: Wann eng Bankekris emol an d'Rulle kënn, da gëllt all Dag, fir dem System erëm Sécherheet ze ginn. Dofir kann een d'Reduktioun vun dësem Délai och nëmmen apprécieieren. En général wäert dëse Fong garantéieren, dass d'Leit, déi hir Suen op der Bank stoen hunn, net am Rees stoe gelooss ginn, wann d'Banke Problemer kréie sollten.

Dann awer och nach eng gutt Nouvelle fir d'Betriber. D'Distinction tëschent groussen a klengen Gesellschaften gëtt elo opgehewen, soudass all Gesellschaften, ausser Finanzinstitute selwer, bis zu 100.000 Euro duerch deem neien FGDL couvriert sinn.

Madamm Presidentin, virun e puer Wochen hu mer op dëser Plaz iwwer eis Finanzplaz an d'Banke geschwat. Mir wëssen all, wéi wichteg dëse Sektur fir eis Wirtschaft, eisen Aarbechtsmaart an eis Statsfinanzen ass. Eist Land kann nëmme gewannen, wa mer an Europa méi e stabil Finanzsystem kréien. Ech wëll guer net vum Ausmooss vun der Finanzkris schwätzen, mä de Crash boursier op der Wall Street vun 1929 ass an d'Geschicht agaangen. An ech si mer sécher, dass d'Finanzkris an d'Schuldekris vun 2007 och an all Geschichtsbuch optauche wäert. Ech iwwerdreiwen net, wann ech soen,

dass 2008 de weltwäite Bankesystem nëmmen nach un engem dënne Fuedem houg!

Ech rappeléieren, dass Schwéiergewichter wéi Lehman Brothers an den USA, am amerikanesche Stat, Faillite gemaach hunn, a grouss Haiser wéi Northern Rock an England si verstaatlecht ginn. An där Zäit hate mir hei am Land e Lach vun zwou Milliarden pro Joer an der Statskeess. Zwou Milliarden Euro!

Ech weess, d'Matière vun de Mëtten ass net einfach ze verdauen, mä ouni Bankenopsicht a kloer Resolutionsmechanismen droe mer erëm an eng Kris ze geroden, wéi mer se leider hu misse matmaachen. Ech wënschen dat kengem a besonnesch net eise Kanner! Dofir, eng responsabel Politik passt och op d'Banken op. Mir brauche se an och eis Kanner wäerte se nach brauchen!

Dofir sinn ech frou, dass mer hei e weidere Schrëtt a Richtung Union bancaire européenne maachen. An ofschléissend géif ech nach wëllen dem Finanzminister a senger Mataarbechter am Ministère Merci soe fir déi gutt Aarbecht mam Parlament a ginn hei den Accord vun der DP-Fraktioun.

Ech soen lech Merci.


► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Rapporteur Guy Arendt fir déi gutt Erklärungen an deem esou wichtige Sektur.

Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, ech proposéieren elo, mir maahe Mëttespaus. Ech wënschen lech e gudden Appétit a vläicht e klengen Spadséiergank, fir eis Gehirer ze oxygénéieren, dass mer an der néideger Serenitéit de Rescht vun eise Ordre du jour de Mëtten duerschuelen.

Merci a bis herno!

(Fin de la séance publique à 12.08 heures)



Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

### 2. 6866 - Projet de loi relative aux mesures de résolution, d'assainissement et de liquidation des établissements de crédit et de certaines entreprises d'investissement ainsi qu'aux systèmes de garantie des dépôts et d'indemnisation des investisseurs, portant:

1. transposition de la directive 2014/59/UE du Parlement européen et du Conseil du 15 mai 2014 établissant un cadre pour le redressement et la résolution des établissements de crédit et des entreprises d'investissement et modifiant la directive 82/891/CEE du Conseil ainsi que les directives du Parlement européen et du Conseil 2001/24/CE, 2002/47/CE, 2004/25/CE, 2005/56/CE, 2007/36/CE, 2011/35/UE, 2012/30/UE et 2013/36/UE et les règlements du Parlement européen et du Conseil (UE) n°1093/2010 et (UE) n°648/2012;

2. transposition de la directive 2014/49/UE du Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014 relative aux systèmes de garantie des dépôts;

3. modification:

a) de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier;

b) de la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier;

c) de la loi modifiée du 5 août 2005 sur les contrats de garantie financière portant: - transposition de la directive 2002/47/CE du Parlement européen et du Conseil du 6 juin 2002 concernant les contrats de garantie financière; - modification du Code de commerce; - modification de la loi du 1<sup>er</sup> août 2001 concernant la circulation de titres et d'autres instruments fongibles; - modification de la loi du 5 avril 1993 relative au secteur financier; - modification du règlement grand-ducal du 18 décembre 1981 concernant les dépôts fongibles de métaux précieux et modifiant l'article 1<sup>er</sup> du règlement grand-ducal du 17 février 1971 concernant la circulation de valeurs mobilières; - abrogation de la loi du 21 décembre 1994 relative aux opérations de mise en pension; - abrogation de la loi du 1<sup>er</sup> août 2001 relative au transfert de propriété à titre de garantie;

d) de la loi du 19 mai 2006 portant transposition de la directive 2004/25/CE du Parlement européen et du Conseil du 21 avril 2004 concernant les offres publiques d'acquisition et

e) de la loi du 24 mai 2011 concernant l'exercice de certains droits des actionnaires aux assemblées générales de sociétés cotées (suite)

- Discussion générale: M. Laurent Mosar (dépôt d'une documentation et interventions de Mme Joëlle Elvinger, M. Serge Urbany et M. Marc Spautz), M. Franz Fayot (interventions de M. Laurent Mosar), M. Roy Reding (interventions de M. Laurent Mosar), M. David Wagner

- Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances (interventions de M. Claude Wiseler et M. Laurent Mosar)

- M. Claude Wiseler

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

### 3. 6891 - Projet de loi portant modification

- de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;

- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'impôt sur la fortune;

- de la loi modifiée du 22 mars 2004 relative à la titrisation;

- de la loi modifiée du 15 juin 2004 relative à la Société d'investissement en capital à risque (SICAR);

- de la loi modifiée du 13 juillet 2005 relative aux institutions de retraite professionnelle sous forme de société d'épargne-pension à capital variable (sepcav) et d'association d'épargne-pension (aspep)

- Rapport de la Commission des Finances et du Budget: Mme Joëlle Elvinger

- Discussion générale: M. Laurent Mosar (interventions de M. Franz Fayot), M. Franz Fayot (interventions de M. Gast Gibéryen), M. Roy Reding (dépôt d'une documentation et interventions de M. Gast Gibéryen), M. David Wagner (interventions de M. Claude Haagen et M. Georges Engel)

- Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances (interventions de M. Claude Wiseler)

- Parole après ministre: M. Laurent Mosar, M. Franz Fayot, M. Serge Urbany

- Fait personnel: M. Laurent Mosar (intervention de M. Serge Urbany), M. Roy Reding, M. Serge Urbany

- M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

### 4. 6899 - Projet de loi du [...] portant approbation de l'Accord concernant le transfert et la mutualisation des contributions au Fonds de résolution unique signé à Bruxelles le 21 mai 2014

- Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Guy Arendt

- Discussion générale: M. Laurent Mosar, M. Franz Fayot, M. Roy Reding, M. David Wagner

- Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

### 5. 6775 - Projet de loi relative à l'accueil des demandeurs de protection internationale et de protection temporaire, et modifiant la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat

- Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration: M. Gilles Baum